N°8286
Entrée le 12.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vum Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n°8286 vum 5. September 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement**

De Luxembourg Megaverse gouf am Juni 2022 vum lëtzebuergeschen Betrib Virtual Rangers lancéiert. Mir kënnen nëmme vun der Experienz vum CTIE am Luxembourg Megaverse schwätzen a kënnen dofir och net soen ob aner staatlech Entitéiten oder Firme mat staatlecher Bedeelegung an anere Metaverse-Plattformen vertruede sinn.

D'Basis-Präisser fir e Spot wéi dee vum CTIE sinn op 5.000 € HTVA eemoleg Käschte fir de personaliséierten Design, an 150 € pro Mount fir Maintenance-Fraise festgeluecht. Et ginn awer verschidde Packagen mat Optiounen déi dann och jeeweils facturéiert ginn. Fir d'Kreatioun vum Spot vum Guichet.lu , leien d'initial Käschte bei 19.000 € HTVA an 415 € pro Mount fir d'Maintenance.

Virtual Rangers huet dem CTIE confirméiert, dass de Luxembourg Megaverse virum 15. September nach an enger Testphas war, an dofir net déi néideg technesch Fonctionnalitéiten en place waren, fir d'Interaktioune vun de Visiteuren cibléiert ze moossen.

Lëtzebuerg, den 12/10/2023.

Den delegéierte Minister fir Digitaliséierung

(s.) Marc Hansen